



Ligue HMC a.s.b.l.

Mir begleeten an ënnerstëtze Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung an de Beräicher Formatioun, Aarbecht, Dagesbetreung, Wunnen a Fräizäit.

“Haus Elmen” ass eng kleng Wunngemeinschaft zu Olm, an engem familiäre Kader, fir 8 eeler Persounen mat enger intellektueller Beanträchtegung. Hutt dir Loscht, dësen neie Projet mat ze gestalten? Mir sichen

en-g Infirmier-ère (m/w/d)

Réf.: Elmen 09/2026

CDI 40 Stonne/Woch (CCT-SAS)

Är Missioun:

- Eeler Mënsche mat enger Beanträchtegung an hirem Alldag, an hirer Fräizäit an an hirem sozialen Ëmfeld begleeten.
- Dofir suergen, dass an der WG eng schéin Ambiance ass an dass jiddereen sech wuelfillt.
- Begleedung am Beräich vun der Gesondheet.
- Hëllef an Ënnerstëtzung bei den *actes essentiels de la vie*.
- Zesumme mat de Bewunner hire perséinleche Liewensprojet gestalten.
- Zesummenaarbecht an enger multidisciplinärer Equipe.

Äre Profil:

- Loscht hunn, mat Mënschen ze schaffen, déi eng intellektuell Beanträchtegung hunn.
- Kontaktfreedeg sinn an Equipegeescht hunn, autonom schaffen a Verantwortung iwwerhuele kënnen.
- Gäre Schichte schaffen.
- Flexibel sinn a Loscht op nei Erausforderungen hunn.
- Lëtzebuergesch, däitsch a franséisch schwätzen a schreiwe kënnen.
- Informatesch Kenntnisser an e Führerschäin Klass B hunn.

Am Fall vun enger Astellung gëtt en Extrait aus dem Casier judiciaire gefrot.

Fir weider Informatiounen kënnt dir iech mellen um 621 262 273.

Eng éischt Auswiel gëtt op Basis vum Dossier gemaach.

D'Kandidaturen (Motivatiounsbréif, Curriculum Vitae, Diplomer) kënnen geschéckt ginn un:

Ligue HMC a.s.b.l.
Direction
B.P. 49
L-8301 Capellen
rh@ligue-hmc.lu